

Potenziell 105.000  
auslännesch Wieler fir  
d'Chamber 2018 !



... huet de Picky  
beim Statec nogelies (\*)

(\*) Regards / 07 op [www.statec.lu](http://www.statec.lu)

## Här Bettel, si mir Dubai? Nee!

Lëtzebuerg ass e klengt, rouegt, relativ räicht Land, an deem et sech gutt lieft. D'Land huet vill Krise kannt mä als solidaresch Gemeinschaft seng Existenz geséichert. Sozial Konfliktker si rar. Etwunnen néierens esou vill Nationalitéiten op engem Koup, et gi néierens esou vill Sprooche geschwat. Et gétt keng auslännerfeindlech Partei, kee Rassismus an der Politik. Länner mat vill manner Ausländer hu rietsradikal Parteien. Ironescherweis ass et de Pseudo-Referendum, als Héichpunkt vun der Demokratie stiliséiert, dee Friemefeindlechkeet provoziert.

Lëtzebuerg huet als eent vun den éischte Länner Ausländer aus der ganzer Welt d'Méiglechkeet ginn fir hei kënnen Buergermeeschter oder Schäffen ze ginn. Et ass eent vun dem Grapp voll Länner, déi 1 Prozent vu hirem Budget an d'Entwécklungshëllef ginn. Nach méi,

jee nodeems wéi ee rechent a vill méi wéi dat, wat Europa vu senger Memberstate verlaangt. Seng Monarchie ass eng Visitékaart, déi an der ganzer Welt Dieren opmécht.

Mer brauche kee besseren Image. Mer sollten emol dat schiift Bild, dat d'Welt vun eis huet, riet réckelen. Mir si kee frankophont Land a mir sinn och net just eng „Finanzplaz“. Mir sinn e Land mat Stied an Dierfer an enger Geschicht. Mir sinn dat 11. op der Lëscht vun den demokratesche Länner. Eise Premier gétt zwar Milliounen fir e neien Image aus, vergläicht awer an engems säi Land mat arabeschen Diktaturen, déi Ausländer wéi Sklave behandeln. En Ausländerwalrecht géng eist Bild souwisou net besser maachen. Mat esou eppes, un dat bal keen anert Land och nëmmen denkt, géng all Mënsch de Kapp iwwe eis rëselen.



Jeff ENGELEN

Pensionnaire

Gemenge-  
conseiller  
zu Wëntger

Gebiertegen  
Hollänner

*„Et geet hei ëm d'Souveréinitéit va Lëtzebuerg, an wann ee wëllt matschwätzen, da soll een als gebirtigen Ausländer o dee leste Schrak man an ons Nationalitéit anhuelen. Dat ass fer mech dat normalst van der Welt. Ech hat, dat ewell gemaat lang Joeren am Virausser ier ech mech politisch engagéiert hann. Ob Basis van der Geschicht, déi nik nëmmen Nostalgie ass, ginn d'Weichen fer d'Zukunft gestallt.“*

## D'ADR informéiert: all ons Versammlunge fänken um 19.30 Auer un.

### 26. Mee - Houschter-Déckt

Café-Restaurant Koeppé Jemp  
59, Hauptstrooss

### 29. Mee - Klengbetten

Restaurant „de Bräiläffel“  
12, rue de la Gare

### 1. Juni - Schwéidsbeng

Augustinushaus  
Route du Vin

### 2. Juni - Beidler

Veräinsbau „al Schoul“  
Rue de l'Eglise

### 2. Juni - Harel

Café „Beim Jeanne“  
31, rue Mgr. Fallize

### 3. Juni - Diddeleng

Taverne Mont-Saint-Jean  
1, place Gymnich

### 4. Juni - Mäerzeg

Café Staminee (Ribeiro)  
24, rue Principale

### 4. Juni - Conter

Conterstuff  
2, rue de la Mairie